Méisproochegkeet liewen

Kanner encouragéieren!

Handlungsbegleedend Schwätzen

Benennt Gefiller a Géigestänn an de Gespréicher mat hinnen a versicht hir an Âr Handlunge sproochlech ze begleeden. Sidd e méisproochegt Virbild fir d'Kanner an dréckt lech, wann néideg a méiglech, och an hire Familljesproochen aus.

Iwwert d„handlungsbegleedend Schwätzen" erméiglecht Dir de Kanner, op eng spilleresch Aart a Weis, Wierder a Sätz direkt mat hiren Handlungen ze verbannen.

Oppe Froen

Gitt de Kanner d'Méiglechkeet hir Sproochen ze benotzen an auszeprobéieren. Stellt hinnen oppe Froen (wien, wéi, wou, wat, wisou) a bannt d'Kanner iwwert dëse Wee aktiv an d'Gespréicher an.

Mat „oppene Froen" erméiglecht Dir de Kanner hir eege Gedanke sproochlech auszedrécken an énnerstëtzt si domadder am Opbau vun hirem Wuertschatz.

Korrektive Feedback

Gitt de Kanner d'Gefill verstanen ze ginn. Gräift „verkierzt" oder „feelerhaft" Wierder oder Sätz vun de Kanner op a widderhuelt dës a voller Längt an ouni Feeler, ouni d'Kanner direkt ze verbesseren.

Iwwert de „korrektive Feedback" bleift Dir mat de Kanner am Gespréich ouni dass Dir si an hirem Sprooche gebrauch veronséchert. Doriwwer eraus drot Dir zur permanenter Erweiderung vun hirem Sprooche gebrauch a Wuertschatz bäi.

Wäertschätze vun de Familljesproochen

Wäertschätzt an énnerstëtzt d'Familljesprooche vun de Kanner. Dës spillen eng zentral Roll fir de Kanner hir sozio–emotional Entwécklung a fir d'Opbaue vun alle weidere sproochleche Fäegkeeten.

Weist lech sproochentolerant. Iwwert d'Opgräife vun de Familljesprooche gitt Dir de Kanner Halt a Sécherheet.

Kontakt mat der lëtzebuergescher a franséischer Sprooch

Bitt de Kanner d'Méiglechkeet vun engem natierlechen an entspaante Kontakt mat der lëtzebuergescher a franséischer Sprooch. Schaaft spilleresch Situatiounen, déi méiglechst no um Alldag sinn an an deenen d'Kanner vu béide Sprooche profitéiere kënnen.

Iwwert dësen natierleche Kontakt mat de Sprooche hëlleft Dir de Kanner sech besser fir d'méisproocheg Schoul a Gesellschaft zu Lëtzebuerg virzebereeden.

no enger Iddi vun

Service National de la Jeunesse

LakoS
Landeskompetenzzentrum zur Sprachförderung an Kindertageseinrichtungen in Sachsen

Design & Illustration – hesh | HESHAN MADE